ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 27. Mee 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Am Juegdgesetz ass festgehalen, datt am Fall, wou e Grondstécksbesëtzer oder e Piechter op sengem Terrain e Wëldschued ze verzeechnen huet, dësen iwwert de „Fonds spécial d'indemnisation des dégâts causé par le gibier" entschiedegt gëtt. Dat genannten Organ iwwerhëlt an deem Fall néngzéngtel vum Schued.

An dësem Zesummenhang hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Op wéi eng Gesamtzomm beleeft sech déi finanziell Entschiedegung, déi vum genannten Organ un de Grondstécksbesëtzer oder Piechter ausbezuelt gouf? Kann d'Regierung dës Kompensatioun opschlësselen no Hektar Land, no Joer - am Hibléck op déi lescht fënnef Joer - an no der jeeweileg Ubaukultur, déi beschiedegt gouf?
2. De„Fonds spécial d'indemnisation des dégâts causé par le gibier" iwwerhëlt jo e Maximum vu véier Euro pro Hektar, de Rescht muss vum Juegdpiechter bezuelt ginn. Kann d'Regierung och hei d'Zuele virleeën, wéi héich de finanziellen Opwand war, deen de Juegdpiechter huet missen aus senger eegener Täsch bezuelen, och hei opgeschlësselt no Hektar Land, no Joer - am Hibléck op déi lescht fënnef Joer - an no der jeeweileg Ubaukultur, déi beschiedegt gouf?
3. Et kënnt och vir, datt de Staat direkt de Wëldschued iwwerhëlt, well et verbueden ass, eng bestëmmte Wëldzort, ewéi z.B. den Dachs, ze bejoen. Kann d'Regierung d'Zomm vun dëser direkter Entschiedegung vum Staat opschlësselen no Hektar Land, no Joer - am Hibléck op déi lescht fënnef Joer - an no der jeeweileg Ubaukultur, déi beschiedegt gouf?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten